N°8112
Entrée le 18.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Département de l'aménagement
du territoire

**Äntwert vum Minister fir Landesplanung op d 'parlamentaresch Fro n°8112 vum 28. Juni 2023 vun dem honorablen Deputéierten André Bauler.**

Den 12. Mee 2022 huet de Réidener Kanton zesumme mam Minister fir Landesplanung eng Konventioun ënnerschriwwe mam Zil eng gemeinsam Raumvisioun fir déi 10 Gemenge vum Réidener Kanton ze erstellen an dëst fir den Horizont 2035 respektiv 2050. An engem éischte Schratt ass eng detailléiert Bestandsopnam mat enger Stäerkten/Schwächten Analys fir d'Regioun gemaach ginn. Als nächst ginn da verschidden Entwécklungsszenarie beliicht.

Aus landesplanerescher Siicht ass et wichteg, dat déi ländlech Reim sech an engem gesonden Tempo entwéckelen, an dat noutwenneg Infrastrukturen (Drénkwaasserversuergung, Ofwaasserbehandlung, Schoulen, etc.) mat dem Wuesstem Schrëtt hale kennen. Niewent deene reng techneschen Infrastrukturen, sinn awer och sozial Servicer an Aktivitéite ganz wichteg. En *Guichet unique* am ländleche Raum, soll duerfir méi Funktiounen ubidden:

- Hëllefsstellung bei Froen zou administrative Virgäng: dëst ka souwuel d 'Gemeng wéi och staatlech Servicer betreffen, z.B. Ufro vu Subsiden oder Geneemegungen, Haus-Ëmbau, Sanéierung vun aler Bausubstanz, Steiererklärung, etc.;
- Bündele vun de Berodungsservicer: Energie, Waasser, Klima, Naturpakt, Wunnen, Ëmwelt, etc.;
- Raimlechkeet fir Veranstaltungen, z.B. 1 x am Mount Repair-Café; Zuverfügungstelle vu Computer / Drucker fir Bierger, Meeting-Point am Duerf fir all Alterskategorie.

Vu Säite vum Departement vun der Landesplanung gëtt proposéiert am Kader vun engem Biergerbedeelegungsprozess d 'Funktioune an Servicer vun engem Guichet unique an der Regioun fest ze leeën.

Déi uewe genannte Konventioun, déi mam Réidener Kanton gemaach gouf, gesäit vir, dat konkret Projeten, déi sech aus der Raumvisioun erginn, weider ënnerstëtzt kenne ginn. An dem Kontext kann den Departement vun der Landesplanung beim Opbau vun engem Guichet unique an der Regioun vum Réidener Kanton hëllefen.

De neie Landesplanungsprogramm (Programm directeur d 'aménagement du territoire, PDAT), suggéréiert dat all CDA (Centre de Développement et d'Attraction) am ländleche Raum esou e *Guichet unique* fir seng Bierger/innen sollt hunn.

Fir en Iwwerbléck iwwert déi aktuell a méiglech Strukturen a Servicer an dem Sënn zou Lëtzebuerg an am noen Ausland ze kréien, huet den Departement vun der Landesplanung ausserdeem eng Etude bei engem Büro ugefrot. D'Resultater vun der Etüde gi sech fir den Hierscht erwaart.

Luxembourg, le 18 juillet 2023

Le Ministre de l'Aménagement du territoire

(s.) Claude TURMES